SÉANCE 40

MERCREDI,
17 JUIN 2015

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • M. Henri Kox, Vice-Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. 6659 - Projet de loi portant organisation de l'Administration des services vétérinaires
- *Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs: M. Gusty Graas*
- *Discussion générale: Mme Martine Hansen, Mme Cécile Hemmen, M. Henri Kox, M. Gast Gibéryen, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

3. 6791 - Projet de loi modifiant l'article 5quinquies, paragraphe 1er, point b) de la loi modifiée du 23 décembre 2004 établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre
- *Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Henri Kox*
- *Discussion générale: M. Marcel Oberweis, M. Roger Negri, M. Max Hahn, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

4. Nomination d'un commissaire aux comptes de la Société Nationale de Crédit et d'Investissement (SNCI)
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*
- *Vote secret sur la candidature unique*

5. Débat d'orientation sur les parcs naturels
- *Exposé: M. Emile Eicher*
- *Débat: M. Marco Schank (dépôt d'une motion), M. Frank Arndt, M. Gérard Anzia (dépôt d'une motion), M. Gilles Baum, M. Roy Reding*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement (interventions de M. Marcel Oberweis, M. Léon Gloden et M. Marco Schank)*
- *Motion 1: M. Henri Kox, M. Marco Schank, Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement (renvoi de la motion en commission)*
- *Vote sur la motion 2 (adoptée)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Etgen et Mme Carole Dieschbourg, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- E schéine gudde Mëtteg. Ech maachen heimat d'Sëtzung op a froen d'Regierung direkt, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

M. Fernand Etgen, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Neen, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat ass net de Fall. Da soen ech villmools Merci. A mir géifen direkt zum éischte Punkt vun eiser Dagesuerdnung iwwergoen, dat ass de Projet de loi N°6659 iwwert d'Organisatioun respektiv d'Reorganisatioun vun der Veterinärsverwaltung. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet direkt de Rapporteur vum Projet, den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas!

2. 6659 - Projet de loi portant organisation de l'Administration des services vétérinaires

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Veterinärsverwaltung huet jo hei zu Lëtzebuerg eng ganz laang Geschicht. Duerch eng Ordonnance vum 26. Dezember 1814 ware schonn am alen Herzogtum Lëtzebuerg, dat jo deemools nach zum napoleonesche Keeserräich gehéiert huet, d'Veterinärsservicer agefouert ginn.

Mam Arrêté vum Regierungsrot vum 17. Februar 1846 goufe fënnef sanitär Divisioune geschafen. 1858 hate mer hei am Land eelef Veterinären. An d'Basis vum heitege Service vétérinaire war mat de Reglementatioune vum 30. Juli 1863 a 14. Juli 1913 geluecht ginn.

Zu där Zäit war iwwregens de Beruff vum Veterinär nach guer net geschützt. Dat huet gedauert bis 1927, a méi spezifesch duerch d'Gesetz vum 23. Mee 1927. Den éischten Doktertitel an der Veterinärsmedezin op Basis vun deem Gesetz ass iwwregens un den Här Edouard Frising vu Folkendeng deemools gaang.

D'Héichschoulgesetz vum 18. Juni 1969 hat dunn e Mindestzyklus vu fënnef Joer postsecondairer Ausbildung fir de Veterinärsberuff virgesinn. No dem Zweete Weltkrich goufen dunn d'Servicer nei organiséiert. D'Land war deemools a véier Circonscriptiounen agedeelt ginn an duerch d'Gesetz vum 7. Juli 1958 war dunn och d'Veterinärsinspektioun geschafe ginn. D'Fonctioune vum Generalinspektor respektiv vum Laboratoiresdirekter goufe getrennt.

Allerdéngs huet et sech erausgestallt, datt dat vläicht net déi allerbeschten Iddi war. Et hu sech dunn eng Rei Problemer erausgestallt. An et koum 1976 zu enger eenzeger Verwaltung. 1976 ass am Fong geholl d'Gesetz geschafe ginn, op deem d'Organisatioun vun där heiteger Veterinärsinspektioun an och Veterinärsverwaltung baséiert. 2003 war dunn och en neie wichtege Moment, an zwar ass dunn d'sanitär Kontroll vu gréisseren Etablissementer duerch Veterinärfonctionnairen ënnert d'Tutelle vum Gesondheetsminister gestallt ginn.

E gudden Deel vun deenen eenzelnen historeschen Informatiounen, déi ech elo hei vermëttelt hunn, entstamen awer aus engem ganz interessante Buch, an zwar vum fréiere Veterinär, dem Dokter Georges Theves sengem Buch „Le Luxembourg et ses vétérinaires 1790-1990".

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut geet et also drëms, fir d'Administration des services vétérinaires, wéi dës Verwaltung u sech offiziell heescht, ze moderniséieren. D'Kadergesetz, dat hunn ech hei scho kuerz erwähnt, datéiert vun 1976. Dee Moment respektiv de Moment hu mer nach véier Veterinärsinspekteren, déi kompetent si fir all Obligatiounen, déi an hire Circonscriptiounen ufalen. Dës Aufgabe goufen awer am Laf vun de Joren ëmmer méi komplex. Doweinst huet sech och eng Reorganisatioun vun der ASV opgedrängt. Virun allem awer och, well déi Tâchen, jee no Circonscriptioun, staark variéiert hunn.

Duerch dëse Projet de loi, deen den 18. Februar 2014 déposéiert gi war an zu deem ech den 12. November 2014 zum Rapporteur genannt gi war, gëtt d'ASV also - wann ech elo déi Ofkierzung gebrauchen, wéi gesot d'Administration des services vétérinaires - nei strukturéiert, an zwar verloosse mer elo u sech den Niveau vun där horizontaler Struktur a mer ginn elo méi op den Niveau vun enger vertikaler Struktur.

Mat dësem Projet de loi, an dat ass u sech déi Haaptneierung, ginn elo fënnef Divisioune geschafen, mat engem jeeweilege Chef de division un der Spëtzt. An ech wëll och elo kuerz op déi eenzel Divisiounen hei agoen.

Déi éischt Divisioun ass d'Santé animale. Dës Divisioun iwwerwaacht de sanitäre Statut vun den eenzelnen Déierebestänn. Et geet awer och hei ëm d'Wuelbefanne vun den Déieren, sief dat beim Transport, sief dat bei der Haltung oder sief dat och beim Schluechten. Dës Divisioun schaaft och eng enk Zesummenaarbecht mat onofhängege Veterinären. Wann ech elo vun onofhängege Veterinäre schwätzen, sinn dat selbstverständlech déi, déi elo net am Statsdéngscht sinn an déi natierlech virun allem bei der Iwwerwaachung vun Epidemië kënne wichteg Tâchen iwwerhuelen.

Déi zweet Divisioun ass dann d'Santé publique. Dës Divisioun huet als Objektiv d'Kontroll vun der Produktioun, dem Stockage an dem Verkaf vun lesswuere vun Déieren, wéi Eeër, Mëllech, Fleesch an och Fëschproduiten. A si applizéiert virun allem déi europäesch Legislatioun, an zwar d'Reglement 178/2002 vum Europaparlament an och vum Conseil vum 28. Januar 2002. Et geet also hei virun allem ëm d'Liewensmëttelsécherheet. An ech wëll och hei ënnersträichen, datt déi Divisioun ënnert der Tutelle vum Gesondheetsministère steet.

Da komme mer zu där drëtter Divisioun, hei geet et ëm de Contrôle vum Import. An do bewege mer eis um Niveau vun engem Grenzposten. An zwar ass dee jo da baséiert am Cargozenter um Findel. Et geet also drëm, fir d'Déiereproduiten an och d'Déiere selwer aus Drëttlänner ze kontrolléieren. D'Pabeiere ginn natierlech hei consultéiert. Et ginn och physesch Kontrolle gemaach. An den zoustännege Veterinär stellt dann en Dokument aus, wat den Import vun Déieren a Produkter an d'Europäesch Unioun erlaabt.

Dann déi véiert Divisioun, dat ass de Laboratoire vun der Veterinärmedezin. Dat gëtt elo eng autonom Divisioun, wat bis dato net de Fall war. Déi maachen natierlech Analyse vun den Échantillonen.

Dann déi fënneft a lescht Divisioun, dat ass d'Identifikatioun an den Enregistrement vun Déieren, de Service Sanitel, deen d'Traçabilitéit vun de Béischte feststellt. Dee gëtt elo an d'ASV integréiert, fir eng eegen Divisioun ze ginn.

Déi véier éischt Divisiounen, déi gi vu Veterinärsinspektere geleet. Déi fënneft Divisioun, do ass virgesinn, datt och e Fonctionnaire aus der Carrière supérieure vum Stat, aus dem administrative Beräich, kann do d'Leedung iwwerhuelen. D'Fonctionnairë vum Service Sanitel kënnen eng Nominatioun an der ASV kréien an der Carrière an an der Fonctioun vun der Regierungsverwaltung. Si behalen och hir Avancementsméiglechkeeten, déi se bis elo haten, sous réserve, wéi gesot, datt déi méi favorabel si wéi déi nei Avancementsméiglechkeeten.

E weidert wichtegt Objektiv vun dësem Gesetz ass awer dann och den Alignement vun alle Veterinären hirer Carrière. Domadder soll u sech e selwechte Gehaltsniveau ugestrieft gi wéi an ähnleche Carrièrë beim Stat. D'Médecins vétérinaires-inspecteurs chefs de division, déi ginn am Grad 16 klasséiert, an d'Médecins vétérinaires-inspecteurs am Grad 14. Och ginn déi verschidde Fonctiounen an der ASV, d'Kritäre fir ze avancéiere wéi och d'Rekrutementsbestëmmungen definéiert.

Dann den Artikel 4, deen definéiert u sech de ganze Kader vun där Verwaltung. An och wéi den Artikel 8 vum Gesetz elo virgesäit, ginn d'Fonctionnairen an der Carrière Médecins-vétérinaires rekrutéiert ënnert deenen, déi autoriséiert sinn, de Beruff vum Veterinär an der Europäescher Unioun auszeüben, a se mussen awer och eng berufflech Erfahrung vu mindestens fënnef Joer virweise kënnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och nach e Wuert zu deenen eenzelnen Avisen. Den Avis vum Collège vétérinaire datéiert vum 8. Juli 2013, deen u sech dee Projet de loi hei begréisst. Och d'Statsbeamtechamber hat an hirem Avis vum 5. Dezember 2013 eng positiv Approche zu dësem Gesetzesprojet.

De Statsrot sengersäits war a sengem Avis vum 24. Juni 2014 allerdéngs méi kritesch. Fir d'Éischt war monéiert ginn, datt keng Fiche financière derbäi war beim Projet. Dann huet en awer och dräi Oppositions formelles zréckbehalen. Déi éischt hat sech mat der Nominatioun vum Direkter ofginn, wou de Statsrot, mengen ech, och zu Recht natierlech gesot huet, datt net de Landwirtschaftsminister d'Kompetenz huet, fir den Direkter ze nennen, mä datt dat selbstverständlech muss eng Décisioun vum Regierungsrot sinn. Den Direkter vun där Verwaltung, deen natierlech ënnerstëtzt gëtt, wéi gesot, vu sengen Divisiounsscheffen.

Dann hat de Statsrot och nach ënnerstrach, datt e méi Detailer iwwert déi Tax gäre wëllt hunn, déi am Artikel 9 vum Gesetz virgesinn ass. Dat ass nämlech eng Tax, déi och agezu gëtt vum Enregistrement. Déi däerf net méi héich wéi 10.000 Euro sinn. An et ass e grousshertzoglecht Reglement, dat natierlech do déi eenzel Kritäre festhält an och d'Kontrollen, op deenen déi Tax kann agefouert ginn.

A schliisslech huet sech déi héich Kierperschaft och dorunner gestéiert, datt déi onofhängeg Veterinären - wéi gesot, nach eng Kéier, déi, déi net de Fonctionnairesstatut hunn -, datt déi sollen iwwert déi Tax do rémunéréiert ginn. D'Kommissioun hat natierlech dunn eng Rei Amendementer ausgeschafft an och virgeluecht, an de Statsrot huet dunn de 6. Februar 2015 en Avis complémentaire gemaach, wou nach eng Kéier drop higewise ginn ass, datt nach wie vor déi Fiche financière gefeelt huet.

Wat dann den Artikel 9 ubelaangt, iwwert dee mer eis hu missen du méi am Detail ënnerhalen, wéi gesot, wat déi ominéis Tax ubelaangt, do huet de Statsrot dunn nach seng Opposition formelle oprechterhalen. Et koum awer dunn zu engem zousätzlechen Avis complémentaire, well mer awer dunn de Statsrot drop higewisen hunn, datt en awer och vläicht eis Interpretatioun net esou richteg verstanen hat. An den 20. März 2015, wéi gesot, huet e sech dunn a sengem zousätzlechen Avis complémentaire mat eisem Avis oder mat eisem Amendement d'accord erkläert.

Inspektioune kënnen, wéi gesot, och duerch praktizéierend Veterinären ausgefouert ginn, déi entweder vum Gesondheetsminister oder vum Agrarminister eng Nominatioun kréien. Ech wëll och nach hei ënnersträichen, datt all Betrib, dee Béischten hält, dee Béischten och zillt, datt dee muss e Kontrakt hu mat engem Veterinär, an déi Veterinäre mussen zweemol d'Joer dann och e Rapport maachen, deen och der Verwaltung muss virgeluecht ginn. An de Moment hu mer esou plus ou moins 30 Veterinären, déi déi Aarbecht maachen.

Mat dësem Gesetz ginn dann awer och d'Bestëmmunge vum modifizéierte Gesetz vum 22. Juni 1963 iwwert d'Gehälter vun de Beamten am ëffentlechen Déngscht ofgeännert. Ech wëll allerdéngs hei ganz kloer preziséieren, datt selbstverständlech nom Akraafttriede vun deem Paquet, dee mer iwwert d'Fonction publique hei gestëmmt hunn, dat war de 24. März, datt natierlech automatesch dann och dat Gesetz hei ëmgeännert gëtt, sofern et natierlech och dat heite Gesetz wäert betreffen. Dir wësst jo, datt déi Gesetzer den 1. Oktober wäerten a Kraaft trieden. De Personalbestand u sech vun der Verwaltung gëtt duerch dëst Gesetz hei net geännert. Mir bleiwen also bei der Zuel vun 20 Veterinären. An am Ganze wäerte plus ou moins 45 Leit weiderhin och an där Verwaltung schaffen.

Ech wëll dann zum Schluss awer och nach e puer Mercien hei ausspriechen, an éischter Linn un den Direkter vun der Veterinärsverwaltung, den Dokter Félix Wildschütz an all seng Leit. Dann och dem Sekretär vun der Agarkommissioun, dem Timon Oesch an och dem DP-Mataarbechter Christian Lamesch.

Ech géif Iech och dofir bieden, dësem Gesetz Är Zoustëmmung ze ginn, well et e wesentlecht, e wichtegt Gesetz ass. Et geet hei virun allem an éischter Linn natierlech ëm d'Liewensmëttelsécherheet an et geet awer och drëms, fir eng Verwaltung, déi eng ganz laang, eng grouss Traditioun an eiser Gesellschaft, an eisem Stat huet, fir där awer méi e moderne Look ze ginn, datt se sech wierklech kann och deenen neien Erausfuerderungen upassen. An ech brénge selbstverständlech och gläichzäiteg den Accord vun der DP-Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Graas. An d'Wuert huet direkt déi éischt ageschriwwe Riednerin, d'Madame Martine Hansen. Dir hutt d'Wuert, Madame Hansen.

Discussion générale

Mme Martine Hansen *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Veterinärsverwaltung ass eng immens wichteg Verwaltung vun eisem Landwirtschaftsministère. Mä si ass net nëmme wichteg fir eis Landwirtschaft, si ass am Prinzip wichteg fir eis alleguer!

Ech hat a mengem fréiere Liewe scho méi dacks Kontakt mat der Veterinärsverwaltung, sief dat emol als Grënnungsmitglied vun den Direktvermaarter, wou mer gekuckt hunn, fir datt déi Baueren, déi wéilten doheem Direktvermaartung maachen, datt déi och eng Genehmegung kéinte kréien, fir ze schluechten a fir ze verschneiden. Sief dat als Enseignant, wou mer zesummen, ënner anerem mat de Veterinären, och Coursë gehal hu fir d'Direktvermaarter, oder och als Direkter, wou mer gekuckt hunn, fir dës Coursen oder eis Coursen allgemeng lafend un déi aktuell Reglementer unzepassen. An all Kéiers war ech iwwerzeegt vun der Aarbecht, déi an der Veterinärsverwaltung geleescht ginn ass.

An dofir sinn ech richteg frou, datt ech haut am Numm vun der CSV och hei kann den Accord zu dësem Gesetzesprojet ginn.

D'Haaptzil vum Gesetz ass, fir dës Verwaltung esou ze moderniséieren, datt si déi Aufgaben, déi si muss iwwerhuelen, och effektiv kann iwwerhuelen. An ech mengen, d'Verwaltung huet sech och ouni dëst Gesetz scho staark moderniséiert, mä dofir ass et ëmsou méi dréngend, och de gesetzleche Kader elo unzepassen.

Den Här Rapporteur, de Gusty Graas, huet dat ganzt Gesetz am Detail mam Historique beschriwwen, an dofir soen ech him villmools Merci. An ech wäert mech sécher hidden, hei nach eng Kéier op all d'Punkten anzegoen.

Ech wëll awer véier Punkten uschwätzen, déi vläicht esou net am Detail ugeschwat gi sinn. Dat eent ass de Bien-être de l'animal, dat ass ugeschwat ginn, ass wichteg, ass eng wichteg Aufgab vun der Veterinärsverwaltung, fir derfir ze suergen.

Mä hei zu Lëtzebuerg ass d'Recherche och wichteg an och hei zu Lëtzebuerg ginn am Beräich vun der Recherche Versich mat Déiere gemaach. Am Prinzip mat Mais, dat esouwuel op der Uni wéi och am Luxembourg Institute op Health. An ech mengen, dat ass och absolutt noutwendeg a sënnvoll. An ech sinn dovun iwwerzeegt, datt d'Recherche nach weider muss ausgebaut ginn, mä datt mer op där anerer Säit, fir d'Kredibilitéit vun der Recherche ze assuréieren, och eng streng Surveillance vun de Labosdéiere musse garantéieren. An och hei huet d'Veterinärsverwaltung eng wichteg Aufgab fir eist Land, eng Aufgab, déi wahrscheinlech an Zukunft nach wäert u Bedeitung gewannen, déi also eventuell nach muss ausgebaut ginn.

D'Liewensmëttelsécherheet, den Här Graas huet déi och ugeschwat, duerch Kontrolle garantéieren: Bei Produkter vun déierescher Hierkunft ass dat also eng weider wichteg Aufgab vun der Veterinärsverwaltung. An enger Kommissiounssëtzung, enger Jointe vu Santé a Landwirtschaft vum 25. November 2014, krute mer ugekënnegt, datt eng extern Firma géif beoptragt ginn, een Audit iwwert d'Liewensmëttelsécherheet ze maachen an datt den Audit misst Enn Januar 2015 fäerdeg sinn. D'Resultater missten also um Dësch leien.

Fir eis als CSV ass et wichteg, datt déi eenzel Verwaltungen, déi am Beräich vun der Liewensmëttelsécherheet a Kontroll Verantwortung hunn - an et sinn der eng Partie, déi koordinéiert zesummeschaffen -, datt d'Kompetenze vun de Verwaltunge fir déi eenzel Kontrollberäicher kloer definéiert sinn, an dëst, fir op där enger Säit duebel Kontrollen ze verhënneren, awer och, fir op där anerer Säit Kontrolllächer ze verhënneren. Eis géif et also interesséieren a mir wäre frou, wann den Här Minister eis kuerz kéint soen, wat Konkretes bei dësem Audit erauskomm ass.

Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer iwwert dëst Gesetz an der Kommissioun diskutéiert hunn, krute mer vum Här Minister erkläert, datt dëst Gesetz dréngend wär, fir kënnen d'Taxen, déi am Zukunftspak virgesi sinn, opzehiewen. Am Budget ass nämlech als Spuermesure 227 d'Prestation vétérinaire payante virgesinn, fir am Beräich vun der Landwirtschaft fir 2015 130.000 Euro zousätzlech opzehiewen. Den Artikel 9 vun dësem Projet de loi gesäit elo dës Méiglechkeet vun Taxenerhiewung vir, woubäi ee Règlement grand-ducal soll definéieren, wéi eng Kontrolloperatioune susceptibel sinn, fir d'Taxen ze erhiewen a wéi héich dës Taxe solle sinn.

Et géif eis interesséieren, wéini dëse Règlement grand-ducal public gëtt. Mir haten heizou schonns Detailer bei de Budgetskommissioune gefrot. A mir bedaueren, dës Detailfroen nach ëmmer net beäntwert kritt ze hunn!

Dir Dammen an Dir Hären, just nach ofschléissend, dëst Gesetz huet als zweet Objektiv, de Personalkader an der Veterinärsverwaltung nei ze definéieren. Et ass also och ee Kadergesetz. An et ass allerdéngs net ganz glécklech, fir elo nach e Kader nei ze schafen, woubäi dee mam Akraafttriede vun der Reform vun der Fonction publique am Oktober erëm hifälleg gëtt, wat aner Froen opwerft. Als CSV hate mer dacks genuch op dës Inkohärenz opmierksam gemaach!

Mat dëser ofschléissender Bemierkung ginn ech den Accord zu dësem Projet de loi am Numm vun der CSV. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madame Hansen. An nächst Riednerin ass d'Madame Cécile Hemmen.

Mme Cécile Hemmen *(LSAP).*- Merci, Här President. Ech wéilt eigentlech dem Rapporteur e ganz häerzleche Merci soe fir dee ganz gudden, detailléierte Rapport, deen e gemaach huet. Mir ginn als LSAP selbstverständlech eisen Accord zu dësem Projet.

Ech wéilt awer och nach kuerz drop zréckkommen, wat elo grad ugeschwat gouf, wat d'Sécurité alimentaire ubelaangt. Selbstverständlech läit dat eis och um Häerz, dass dat ganz séier beaarbecht an och evakuéiert gëtt. An dofir kann ech elo scho soen, dass dat an eiser nächster Kommissiounssëtzung vun der Santé um Programm ass. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madame Hemmen. Nächste Riedner ass den Här Henri Kox.

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Merci, Här President. Ech ka mech de Wierder vu menge Virriedner nëmmen uschléissen an ech wëll dem Rapporteur fir den ausféierleche mëndlechen an awer och schréftleche Rapport Merci soen. Och dat, wat elo d'Madame Hemmen nach eng Kéier gesot huet, wat d'Liewensmëttelsécherheet ubelaangt, kënne mir nëmmen ënnerstëtzen. An och do wäerte mer aktiv matschaffen, fir do e proppert an e gutt Gesetz kënnen ze maachen.

Ech brëngen dann heimat den Accord vun der grénger Fraktioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kox. An d'Wuert huet den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Och mir wëlle vun eiser Säit aus dem Kolleeg Gusty Graas Merci soe fir säi gudde Rapport, deen e gemaach huet. An ech ka mech och nëmmen de Wierder vu menge Virriedner uschléissen an den Accord vun eisem Grupp ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dann den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci villmools. Jo, mir wäerten och... Also mir...

(Hilarité)

Bei eis fält et op. Mir wäerten och eisen Accord ginn zu dësem Gesetzesprojet. Ech soen lech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An um Wee ass schonn den Här Landwirtschaftsminister. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Fernand Etgen, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, iwwert deen d'Chamber haut ofstëmmt, betrëfft d'Organisatioun vun der Veterinärsverwaltung. Et geet hei net drëm, fir eng nei Verwaltung ze schafen, mä villméi drëm, fir eng legal Basis ze schafe fir d'Aarbechtsopdeelung vun der Verwaltung, wéi se schonn zënter Jore praktizéiert gëtt a wéi se och deenen heitegen Erfuerdernisser muss gerecht ginn.

Dat eenzegt wierklech neit organisatorescht Element ass de Fait, datt de Service Sanitel, dee bis elo am Ministère selwer ugesidelt war, an d'Veterinärsverwaltung integréiert gëtt. Ech kommen duerno nach kuerz heirobber zréck.

Op den Historique wëll ech net agoen, well dat huet de Rapporteur, den Här Gusty Graas, op eng exzellent Aart a Weis gemaach. An ech wëll dem Kolleeg Gusty Graas een ausdréckleche Merci soe fir seng exzellent Aarbecht bei dësem Projet.

Erlaabt mir awer vläicht e bësschen op d'Organisatioun an d'Aufgabe vun dëser Verwaltung anzegoen, esou wéi se haut funktionéiert, ënner mengem Ministère, an a verschiddene Beräicher och ënnert der Kompetenz vun der Gesondheetsministesch.

Ech fänken u mam Veterinärlaboratoire. D'Aufgabe vum Veterinärlabo, deen an deenen nächsten zwee Joer an een neit Gebai wäert plënneren, an zwar op Diddeleng, nieft de Laboratoire National de Santé, bestinn aus Analysen an de Beräicher Déierekrankheeten a Liewensmëttelsécherheet vu Liewensmëttel déiereschen Ursprongs, haaptsächlech Fleesch a Fleeschprodukter. Duerch dëst Gesetz gëtt de Veterinärlabo, deen zënter dem Gesetz vun 1976 zur Veterinärsverwaltung gehéiert, eng Divisioun vun dëser, an aus dem Vétérinaire-chef de laboratoire gëtt ee Chef de division. Déi verschidde Servicer vun der Veterinärsinspektioun sinn zesumme mam Service Sanitel an engem Gebai ënnerbruecht.

Vu datt d'Aufgabe vun der Veterinärsinspektioun sech ëmmer méi spezialiséiert hunn an d'Reglementatioun vun deene verschiddene Beräicher ëmmer méi komplex gëtt, war d'Positioun vum Veterinärsinspekter, deen a senger Circonscriptioun alles ofgedeckt huet, net méi ze halen. An duerfir ass ee vun der geografescher Opdeelung iwwergaang op eng no Kompetenzen.

Esou sinn dräi Divisiounen entstanen: d'Santé animale, d'Santé publique an de Contrôle à l'importation. Duerch de Fait, datt et eng intensiv Zesummenaarbecht gëtt tëschent der Division santé animale an dem Service Sanitel, gouf décidéiert, datt dëse vum September 2013, zesumme mat der Inspektioun, op déiselwecht Adress geplënnert ass. An duerch dëst Gesetz ass eng véiert Divisioun, nämlech d'Division de l'identification et de l'enregistrement geschafe ginn.

Erlaabt mer kuerz, op d'Aufgabe vun dëse véier Divisiounen anzegoen.

Éischtens, d'Division animale këmmert sech ëm de sanitäre Status vun den Déieren an eise landwirtschaftleche Betriber, den Hausdéieren, awer och de wëllen Déieren, mat engem Schwéierpunkt op de sougenannten Zoonosen, dat heescht Krankheeten, déi kënnen op de Mënsch iwwerdroe ginn. Hei ginn engersäits Programmer opgestallt, fir d'Krankheeten ze iwwerwaachen a wa méiglech auszerotten, anerersäits ginn Noutfallpläng erstallt, fir beim Ausbroch vun ustiechende Krankheeten, wéi d'Schwéngspescht oder d'Maul- und Klauenseuche, direkt kënnen ze reagéieren an d'Ausbreedung vun der Krankheet ze stoppen. All déi Aktivitéite geschéien an Zesummenaarbecht mat de Veterinärpraktiker, déi d'Épidémiosurveillance an de Betriber maachen an, am Fall vum Ausbroch vu Krankheeten, Bluttprouwen huelen oder d'Déieren impfen.

Een anert grousst Aufgabegebitt vun där Divisioun ass den Déiereschutz. Dësen ass am Laf vun der Zäit zu enger vun de wichtegsten Aufgabe vun der Veterinärsverwaltung ginn. Den Déiereschutz, oder wéi et besser op Franséisch ausgedréckt gëtt duerch «respect du bien-être animal», ass an där heiteger Gesellschaft ee ganz wichtegt Thema, esou wéi d'Diskussiounen iwwer zwou Petitiounen an dësem Haus et gewisen hunn. Mir sinn amgaang, un engem neien, méi modernen Déiereschutzgesetz ze schaffen. An ech hoffen, datt ech, no éischte Consultatiounen, geschwënn e finaliséierte Projet de loi hei an der Chamber kann déposéieren, iwwert deen da soll an engem valabelen Délai ofgestëmmt ginn.

Zweetens, d'Divisioun Santé publique këmmert sech ëm d'Kontroll vun de Liewensmëttel déiereschen Ursprongs, wéi Fleesch, Fësch, Mëllech, Eeër oder och den Hunneg. Et geet hei ëm d'Liewensmëttelsécherheet, d'Hygien an de Produktiounsbetriber an awer och ëm d'Etikettéierung um Niveau vum Verkaf, fir ze garantéieren, datt de Konsument déi néideg a richteg Informatiounen zum Produkt kritt, dat hie keeft a konsuméiert.

Wa mir elo d'Aufgabe vun dësen zwou Divisioune betruechten, kann ee soen, datt d'Veterinärsverwaltung d'Kontroll mécht iwwert déi ganz Chaîne alimentaire oder, anescht ausgedréckt, «de la fourche à la fourchette» oder «de l'étable à la table».

Drëttens, d'Divisioun «Contrôle à l'importation» këmmert sech ëm d'Kontroll vun de liewegen Déieren an de Produkter déiereschen Ursprongs, déi op dem direkte Wee aus Drëttlänner iwwer Lëtzebuerg an d'Europäesch Unioun erakommen, dat heescht mam Fliger um Cargozenter landen. Hei gëtt et ee sougenannte Poste d'inspection frontalier, dee vun engem Veterinär vun der Verwaltung, à temps plein, besat ass. Ausserhalb vun de Bürosstonne gëtt den Déngscht vu Veterinären aus der Verwaltung à tour de rôle assuréiert, well dës Kontrollen och um Weekend an op de Feierdeeg duerchgefouert ginn.

Bei dëse Kontrolle geet et drëm, fir ze iwwerpréiwen, datt déi Déieren a Produkter aus Drëttlänner, déi an d'Europäesch Unioun erakommen, och där hire Standarde sollen entspriechen. Falls d'Kontrollen, déi souwuel d'Zertifikate wéi och d'Identitéit betreffen, favorabel sinn, kënnen dës Déieren oder Produkter fräi um europäesche Marché zirkuléieren. Ganz wichteg ass och hei erëm eng Kéier, datt all déi Déierentransporter de Konditioune vum Bien-être animal entspriechen, wat och vum Veterinär op der Plaz iwwerpréift gëtt.

Véiertens, d'Divisioun «Identification et enregistrement des animaux», déi duerch dëst Gesetz neierdéngs an d'Veterinärsverwaltung integréiert gëtt, këmmert sech ëm d'Identifikatioun vun de landwirtschaftlechen Notzdéieren. All déi Donnéeë ginn an enger zentraler nationaler Datebank enregistréiert.

An der Liewensmëttelproduktioun ass d'Traçabilitéit ee ganz wichtegt Element, déi et erlaabt, dem Konsument op der Etikett déi néideg Informatioun ze ginn, wat d'Origine vum Produkt betrëfft, an anerersäits d'Méiglechkeet gëtt, am Fall vun engem Problem, déi concernéiert Wuere geziilt vum Marché ze huelen an domat eng gréisser Liewensmëttelkris ze verhënneren. Dës Integratioun an d'Veterinärsverwaltung mécht Sënn, well souwuel bei der Bekämpfung vu Krankheete wéi och bei der Iwwerwaachung vun der Liewensmëttelsécherheet, d'Traçabilitéit vun den Déieren ee wichtege Facteur duerstellt.

Vu datt mir d'Gesetz vun 1976, wat d'Organisatioun vun der Veterinärsverwaltung ugeet, komplett erneiert hunn, hu mir och vun der Geleeënheet profitéiert, d'Titele vun de Veterinäre vun der Verwaltung ze harmoniséieren an een neien Titel vum Chef de division ze schafen. Zousätzlech sinn och d'Carrièrë vum jëtzegen a vum zukünftege Personal aus der Verwaltung am Service Sanitel ugepasst ginn. Dës Konditiounen ënnerleie selbstverständlech där neier Reglementatioun vun der Fonction publique, déi och deemnächst a Kraaft trëtt.

Wat elo d'Fro ubelaangt, wou mer mam Audit iwwert d'Sécurité alimentaire dru sinn, do sti mer just virun där leschter Ofschlossreunioun. An déi zwee concernéiert Ministërë wäerte selbstverständlech déi concernéiert Chamberskommissiounen, en temps utile, iwwert d'Erkenntnisser vun den Auditeuren informéieren.

Wat elo d'Reglement iwwert d'Taxen ubelaangt, brauche mer natierlech d'Gesetz vun haut. A soubal mer dat Gesetz hunn, da wäerte mer am Fong geholl dann och dat Reglement publizéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, ech konnt lech mat dësem Exposé e puer Ableck an déi villfältig Aarbecht vun der Veterinärsverwaltung ginn an lech vum Notze vun dësem gesetzleche Kader fir eng modern a kompetent Veterinärsverwaltung iwwerzeegen. Eng Verwaltung, déi am Déngscht vun der Allgemengheet steet, sief et als Déierenhalter oder als Konsument.

Duerfir wënschen ech mer eng breet Ënnerstëtzung vun der Chamber fir dëse Projet de loi a soen lech Merci fir Äert gedëllegt Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Landwirtschaftsminister.

A mer kënnen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6659 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6659 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Mir hu 60 direkt an indirekt Participatiounen um Vote an de Projet ass eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par M. Félix Eischen), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Max Hahn), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Roberto Traversini) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ass d'Chamber och d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann elo zum nächste Projet iwwergoen, dat ass de Projet de loi 6791, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert den Austausch vun Emissiounsquoten. An de Rapporteur, den honorabelen Här Henri Kox, hält sech scho prett. En huet och direkt d'Wuert. Just Iech informéiert, dass och hei d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht ass. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

3. 6791 - Projet de loi modifiant l'article 5quinquies, paragraphe 1er, point b) de la loi modifiée du 23 décembre 2004 établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Henri Kox *(déi gréng), rapporteur.*- Jo, Här President, Merci fir d'Wuert. Et ass eng ganz kleng Ännerung am Gesetz vum 23. Dezember 2004, wou et iwwert den Échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre geet. An dësem Artikel geet et ënner anerem och ëm eng Zoudeelung vun Emissiounsquote fir d'Fluchindustrie.

Et huet sech leider bei der Transpositioun vun der europäescher Direktiv e Feeler ageschlach, well eng Iwwersetzung iwwersi ginn ass. Dat war d'Direktiv 2008/101 vum 19. November 2008, wou et eben ëm eng Augmentatioun vun enger Quot fir d'Fluchindustrie geet.

Si hu fir eng Period vum Emissiounshandel eng gewësse Quantitéit zegutt. Déi Quantitéit kann ëm 18% zouhuelen an där Period. An et ass awer vergiess ginn, dass dat eng Moyennenaugmentatioun ass. Dat heescht, d'Moyenne huet gefeelt. An domadder gëtt dat e bësse komplizéiert, fir dat ëmzesetzen. Well esou wéi et haut am Text steet, misst pro Joer 18% Augmentatioun sinn. Dat ass awer net de Fall. Hei ass et ëm eng Moyenne iwwert déi Period... Déi al Period vun der Kyoto-Zoudeelung war jo 2008-2012. An déi nei Period ass 2013-2020.

Wéi gesot, dat ass geännert ginn. Dat heescht, d'Wuert ass am Artikel 5quinquies derbäikomm, soudass mer net méi vun Augmentation annuelle supérieure à 18% schwätzen, mä Augmentation annuelle moyenne supérieure à 18%. Dat ass a sech d'Ännerung, déi mer hei am Gesetz bäifügen. Et ass eng wichteg, well et d'juristesch Base méi kloer schaaft.

Vläicht zu e puer Daten. D'Gesetz selwer gouf den 11. März 2015 déposéiert. D'Avise vum Statsrot vum 3. Abrëll 2015, d'Avise vun der Chambre de Commerce, der Chambre des Métiers: 23. Mars, 28. Abrëll. Alleguerten hu se dësem Accord oder dëser Ännerung natierlech bäigestëmmt. An der Sitzung vum 29. Abrëll gouf ech als Rapporteur vun dësem Gesetz ernannt. A mir hunn och de Gesetzesprojet analyséiert. An an der Kommissioun vum 11.6. gouf dëse Projet unanime ugeholl.

Dat wär et gewiescht zu dësem Gesetzesprojet. An ech géif och gläichzäiteg den Accord vun der grénger Fraktioun bréngen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Rapporteur. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Marcel Oberweis.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, nodeem den Henri Kox elo grad a sengem schréftleche Rapport an och mëndleche Rapport alles gesot huet, wat ze soen ass, kann ech och nëmmen d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun bäiflécken.

Ech wollt awer profitéiere vun der Saach, well mer jo elo virun der grousser Konferenz vu COP21 stinn: Et ass vun der Aviatioun hei geschwat ginn. Wann ee bedenkt, dass d'Aviatioun momentan mat 2% zu den Dreifhausgase bäidréit, a wann ee gëschter gelies huet zu Bourget, do schloe sech déi grouss Gesellschaften dann erëm, Fligeren ze verkafen, do ass gesot ginn, an den nächsten 20 Joer ginn 23.000 Fligeren op de Marché bruecht. Da kann ee sech jo virstellen, wat sech do am Himmel nach alles doe wäert an un neien Dreifhausgasen deet. Mä dat gesot um Rand.

Merci nach eng Kéier, an d'Zoustëmmung vun ons.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Oberweis. Den Här Roger Negri.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Villmools Merci, Här President. An och e grousse Merci un eise Rapporteur, den Henri Kox. An domadder bréngen ech och den Accord vun eiser LSAP-Fraktioun.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dann als Nächsten huet den Här Max Hahn d'Wuert.

M. Max Hahn *(DP).*- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech schléisse mech de Wierder vu menge Virriedner un a géif dem Rapporteur, dem Henri Kox, e grousse Merci soe fir säi gudde schréftlechen awer och mëndleche Rapport. An ech ginn domat dann hei den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Hahn. Den Här Kartheiser, wann ech gelift.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus dem Här Kox e grousse Merci fir dee Rapport, deen en eis elo hei gemaach huet.

Ech wollt just soen, den Här Oberweis huet ganz recht: Et gëtt vill Fliger. An dofir... An och hei am Land hu mer d'Aviatioun als e wichtegen ekonomesche Facteur. D'Madame Minister ass elo amgaangen, d'Konferenz zu Paräis virzebereeden. An dofir wär et interessant, vun hir gewuer ze ginn, wéi si mat der Lëtzebuerger Ekonomie an notamment mat eisen Agenten an der Loftfahrt a Kontakt ass, fir ze kucken, fir d'Interesse vun der Lëtzebuerger Loftfahrt an deene Verhandlungen ze respektéieren, respektiv wat sech soll ënneren an deenen Dispositiounen aus dem Kyoto-Accord, deen d'Loftfahrt betrëfft.

Ech mengen, dat ass wierklech fir eis ganz wichteg, well mir brauchen natierlech eis Loftfahrt, notamment och am Beräich vun der Logistik. An et ass en Domän, wou ganz vill Kompetitivitéit, ganz vill Konkurrenz existéiert. An dofir ass déi Berechnungsgrondlag vun den Emissiounsquote respektiv wat soss nach kann op déi Quoten ugerechent gi bei de Loftfahrtfirmen, inklusiv Buedemvehikelen an esou weider, eng ganz wichteg Diskussioun.

Derbäi kënnt nach, datt China jo dat Land ass, wat am Ableck am meeschten CO_2-Emissioune verursaacht. A China ass, contrairement zu deem Ableck, wou Kyoto vereinbart gouf, elo e Partner an der Lëtzebuerger Loftfahrtindustrie. An da stellt sech d'Fro natierlech iwwert d'Applikatioun an d'Applikabilitéit vun deem Prinzip vun der „common but differentiated responsibility" tëschent den entwéckelten an den Entwécklungslänner, souwäit ee China nach kann zu der zweeter Kategorie rechnen.

Dofir ass d'Fro: Soll deen Ënnerscheed an den Ae vun der Lëtzebuerger Regierung bestoe bleiwen, well jo och bei der Cargolux eng grouss chineesesch Participatioun elo ass? A wa jo, wéi soll dat dann op d'WTO-Kompatibilitéit vun deem Accord kënnen ugerechent ginn?

Ech mengen, den Europäesche Geriichtshaff hat am Ableck d'Situatioun vu virun dräi Joer als kompatibel mat der Organisation mondiale du commerce deklaréiert. Jee nodeem wat awer am COP21 soll négociéiert ginn, kann dat net méi de Fall sinn. Dofir wär et interessant, fir vun der Lëtzebuerger Regierung gewuer ze ginn, wéi se d'Durabilitéit vun där CBDR-Clause do gesäit, also „common but differentiated responsibility", notamment am Beräich vun der Loftfahrt.

Villmools Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Villmools Merci och dem Här Kartheiser. Domat wäre mer um Enn... Ah, entschëllegt, Här Wagner!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Kee Problem.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir waart och net ageschriwwen. Duerfir konnt ech net wëssen, dass Der...

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Et ass mäi Feeler.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Duerfir nach eng Kéier den Appell un déi, déi wëlle schwätzen, sech och wann ech gelift anzedroen. Dir hutt awer d'Wuert, Här Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci villmools, Här President. Ech soen och dem Här Rapporteur Merci fir säi Bericht. Bon, mir sinn natierlech net géint déi Modifikatioun vun deem Passus. Mir hate jo och am August 2010 dat Gesetz, wou d'Fligerei an den Emissiounshandel mat inkluéiert gouf, matgedroen. Allerdéngs sti mer prinzipiell dem Emissiounshandel ganz skeptesch géigeniwwer.

Mir haten natierlech och déi lescht Reform am Joer 2012 net matgedroen. Ech wëll nach zitéieren, am Dezember 2012 sot den Här Camille Gira zu deem Gesetz: „Aus engem Instrument, fir de Klima ze schützen, ass eng Gelddréckmaschinn fir Multinationalle ginn." En hat vollkomme recht. An aus deem Grond wäerte mir eis enthalen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo direkt d'Madame Emweltministesch.

Prise de position du Gouvernement

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Bon, villmools Merci fir d'Éischt emol dem Här Kox fir säi Rapport. An ech mengen, et handelt sech hei ledeglech ëm eng Rektifikatioun, déi mer maachen. Dir hutt ganz recht: D'ETS-Reform, op déi waarde mer. De Kommissär wäert eis do nach virum Summer e Virschlag virleeën, dee mir dann als Présidence direkt wäerten och mat den Ëmweltministeren debattéieren. D'Klimakonferenz ass e ganz, ganz wichtege Volet, an d'ETS-Reform schnell unzegoen natierlech och e wichtege Schrëtt, fir ze weisen, dass mer et mam Klima eescht mengen.

Ech proposéieren awer dann och dem Här Kartheiser, dass mer eis iwwert de Volet Klima, Aviatioun an all dat, et ass elo méi e komplext Thema... Ech mengen, dass mer haut den Débat iwwert d'Naturparke sollte seriö féieren. Ech géif Iech proposéieren, dass mer dat dann an enger Kommissioun nach eng Kéier separat traitéieren, esou wéi mer eben och d'Ufro hunn, nach eng Kéier separat iwwert d'Présidence ze schwätzen.

Ech soen Iech Merci fir Är Ënnerstëtzung.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Ministesch.

A mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6791 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6791 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

(Interruption)

Jo, ech hunn awer 60 Stëmmen.

(Hilarité)

Mir maachen dat an d'Rei. Ech gesinn Iech jo och.

(Interruption)

Also, de Projet de loi, ech mengen, do wäert sech näischt drun ënneren, ass mat 55 Jo-Stëmmen, bei 5 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. André Bauler), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Roberto Traversini) et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

4. Nomination d'un commissaire aux comptes de la Société Nationale de Crédit et d'Investissement (SNCI)

Mir géifen dann zum drëtte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Do geet et ëm d'Nominatioun vun engem Kontekommissär fir d'SNCI. Esou wéi den Artikel 17 vum Gesetz vum 2. August 1967 iwwert d'Schafe vun enger Société Nationale de Crédit et d'Investissement an d'Artikelen 140 bis 153 vum Chambersreglement dat virgesinn, stëmme mer also haut doriwwer of. D'Kandidatelëscht ass all Deputéierte verdeelt ginn a läit Iech och vir. Laut Artikel 148 vum Chambersreglement gëtt de Commissaire aux comptes fir dräi Joer genannt a seng Nominatioun kann och erneiert ginn. Den Artikel 146 vum Reglement gesäit vir, dass dës Nominatioun duerch eng absolutt Majoritéit erfollegt.

Well mer just ee Kandidat fir de Poste virleien hunn, kënne mer de Vote elektronesch maachen. De Vote par procuration, wëll ech Iech soen, ass net erlaabt.

Vote secret sur la candidature unique

An ech géif dann de Vote lancéieren.

Huet jiddweree vun Iech ofgestëmmt?

(Interruption)

Wat gelift?

(Interruption)

Mir hunn eng Kandidatur an de Vote ass elektronesch ofgeséchert. An en ass nach amgaangen.

Voilà, de Vote ass eriwwer. A mir hunn 51 Stëmme fir den Här Patrick Wies.

Résultat du vote secret sur la candidature unique: M. Patrick Wies a été élu par 51 voix contre 1.

Domat ass déi Majoritéit, déi gefrot ass, largement gefuerdert. An ech mengen, d'Fro vun der Madame Mergen war esou ze interpretéieren, dass een net gesäit, wéi wien ofgestëmmt huet. Dat ass geséchert. Dir gesitt dat och beim Bulletin, deen un d'Fraktioune verdeelt gëtt. Dee gesäit esou aus, zimlech wäiss.

M. Claude Haagen *(LSAP).*- Ech erkennen näischt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, esou soll dat och sinn, Här Haagen.

Voilà, domat ass den Här Patrick Wies als Commissaire aux comptes designéiert.

A mer géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, an zwar zur Orientéierungsdebatt iwwert d'Naturparken. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An den Auteur, deen d'Debatt gefrot huet, den Här Emile Eicher, huet elo direkt d'Wuert.

Kolleeginnen, Kolleegen, et ass e bësse vill Gegrommels am Sall. Dat mécht dem Rapporteur seng Aarbecht e bësse méi schwéier. Also wann ech gelift, kommt, mer respektéiere seng Aarbecht! Här Eicher, Dir hutt d'Wuert, a just Dir.

5. Débat d'orientation sur les parcs naturels

Exposé

M. Emile Eicher *(CSV).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass mir eng grouss Freed an och e grousst Uleies, am eegenen Numm, mä awer och am Numm vum Syvicol haut zum Thema Naturparken zu Lëtzebuerg Stellung ze bezéien.

Zéng Méint huet et gedauert, bis datt elo dës Orientéierungsdebatt zustane komm ass, mä an där Zäit goufen d'Études détaillées vum Naturpark Öewersauer a vum Naturpark Our fäerdeggestallt. Ausserdeem hu béid Naturparke sech och vergréissert. Esou ass Wolz zum Naturpark Öewersauer bäikomm, an am Naturpark Our ass dat d'Gemeng Wëntger. Derniewent ass awer och den Naturpark Mëllerdall am Endspurt, fir offiziell gegrënnt ze ginn. Hei gesitt Der, datt d'Naturparkiddi sech och an anere Regiounen ausgebreet huet.

Här President, ech wäert a mengen Ausféierunge vun deem allgemengen Deel vum Fonctionnement a vun de vasten Aufgabe vun de Lëtzebuerger Naturparke schwätzen. Mäi Frënd, de Marco Schank, wäert de Volet Environnement mat de Station-biologiquen iwwerhuelen.